# Visite vun der Möllerei vum Héichuewen "A" den 28. August 2016

Op eis schrëftlech Demande vum 14. Januar 2016 beim Fonds Belval sinn d'Amicale vun den Héichiewen A&B an de Mouvement Ecologique Régionale Süden da fir den 22. Juni 2016 op eng Reunioun invitéiert ginn. De Fonds Belval war vertrueden duerch seng Presidentin d'Mme Félicie Weycker an den Direkter H. Luc Dhamen, vun der Amicale an dem Mouvement ware 6 Komiteesleit dobäi. Eent vun den Themë war "Fir d'Erhale vun de Gebléis- an Dynamogebaier souwéi de Gas- a Wandleitungen op dem fréiere Belvaler Héichuewesite" (Ze fannen op eisem Internetsite ënnert der Rubrik " Aktivitäten/Pressekonferenzen": Pressekonferenz vom 1. Oktober 2015). Bei engem aneren Thema ass iwwert déi Héichueweninstallatioune Rieds gaangen, déi am Projet de Loi 6065 vun 2009 fir d'Restauréierung virgesi waren, awer net ausgefouert goufen! Heirënner ass virun allem d'Möllerei, eng ganz wichteg Anlag vun dem komplexen Héichueweprozess, ze zielen. Well kee Visiteur Zougang zu dësem Deel huet, hu mär an der Reunioun vum 22.Juni 2016 eng Visite vun der Möllerei ugefrot. Ënnert der Begleedung vun den HH : Wercollier a Frieres hunn dann de Mouvement Ecologique an d'Amicale d'Möllerei vum Héichuewen "A" besicht.

D'Möllerei, op Franséisch Préparation de la charge genannt, ass déi Installatioun, déi ganz am Ufank vun der Gosserschmëlzung steet, heihinn ginn de Kok an den Agglomerat (= gesintert Minett, déi erëm gemuele ginn ass) ugeliwwert an dann preparéiert fir den Héichuewen.

De Kok ass vu 1911 un ëmmer mat Wagonen iwwert d'Eisebunn an d'Koksiloe vun der Möllerei gefëllt ginn; bei den Iewen A & B ass dann dëse Kok vollautomatesch aus de Siloen eraus geholl , iwwert Bänner transportéiert, afgesift a gewie ginn, fir dann no Programm an de Skip agefëllt an op den Uewen eropgefouert ze ginn.

Déi agglomeréiert Minett, also den Agglomerat, och kuerz Agglom. genannt, ass direkt vun der Dwight-Loyd Sinteranlag iwwer laang Bänner an d'Agglomeratsiloen agefëllt ginn, fir da genau ewéi de Kok behandellt ze ginn.

Nëmmen duerch eng anstänneg an exakt Preparatioun vu Kok an Agglom. kann en Héichuewen rentabel bedriwwe ginn a mat méiglechst wéinegen Incidente fonktionnéieren.

Ouni dës Preparatioun vun der Charge fir an den Uewen besteet de Risiko vun engem Garnissage mat Stëps un den Uewewänn, oder dem Hänkebleiwen vun der Charge am Uewen, oder och nach en iwwerméissegen Kokverbrauch beim Schmëlzprozess respektiv aneren Accroc'en.


Et géng eis ze wäit féieren fir déi Uewestéierungen vu virdrun komplett ze erklären.

D'Möllerei vum Uewen A ass nach zu 2/3 erhalen, ass awer leider nach net restauréiert, trotzdeem si am Programm virgesi war. Si ass also och nach nët zougänglech fir de Visiteur.

Mär fuerderen awer permanent hir Restauréierung a ginn d'Hoffnung net op, datt awer nach eppes erfollegt!

Bei eiser Visite vun der Möllerei mat dem Fonds Belval am Joer 2016 konnte mär gesinn, dass en Erhale vun dëser Anlag nach duerchaus méiglech ass. Dat wat eis an der Hoffnung bestärkt ass dass den "Office Régionale du Tourisme Sud" a séngem Entwéckelungskonzept fir d'Belvaler Héichiewen a séngem Rapport vun 2016 eng "Grobe Sanierung und Erschliessung der Möllerei" virgesinn huet. Hei soll de Visiteur iwwer Passerellen an Trapen d'Anlag vu baussen a bannen entdecke kënnen; dobäi ass geplangt dës Installatioun an de Parcours vun der Héichuewevisite mat anzebannen.

Déi nostoend Zeechnung weist d'Möllerei vum Uewen A am Joer 1965 beim éischten Ufueren , also virun dem Embau vun der Anlag op vollautomatesche Betriib am Joer 1970; vun do un ass dann d'Manutentioun an d'Preparatioun vun dem Agglomerat grondleegend verännert ginn.


HALLE DE STOCKAGE DES MATIÈRES.
Situation 1965
Minerai ou Aggloméré
Coke
SILOS A COKE.
Skip